LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

**Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op d'parlamentaresch Fro n°6971 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwert d'Wanteraktioun**

1)

D'Wanteraktioun geet normalerweis den 1. Dezember un an hält den 31. Mäerz op.

Am Kader vun der sanitärer Kris, an awer och wann d'Temperature konstant ëm d'Minusgrade louchen, huet de Familljeministère iwwert déi lescht Joren ëmmer séier reagéiert fir d'Wanteraktioun éischter opzemaachen oder nom 1. Abrëll nach ze verlängeren. Dëst an enker Zesummenaarbecht mat der Dräieck asbl, déi zanter dem 1. Januar 2021 fir d'Gestioun vun der Struktur um Findel zoustänneg ass.

An deem Kontext, notamment fir de Wiederkonditioune gerecht an der Dräieck asbl eng Previsibilitéit an der Organisatioun ze ginn, huet de Familljeministère decidéiert fir d'Dauer vun der Wanteraktioun unzepassen. Ab der Editioun 2022/2023, wäert d'Wanteraktioun de 15. November hier Dieren opmaachen an de 15. Abrëll zoumaachen.

2)

D'Wanteraktioun ass eng punktuell Aktioun déi soll verhënneren datt obdachlos Persoune bei ganz kalem Wieder op der Strooss erfréieren. Et ass eng nidderschwelleg Offer déi et erlaabt, d'Grondbedierfnisser vun de concernéierte Leit ze erfëllen: si kréien eppes z'iessen, kënnen sech wäschen an ausrouen.

D'Zil vun der Regierungspolitik am Beräich vun der Obdachlosegkeet ass awer et, durabel Léisungen auszeschaffen, déi et de Leit erméiglechen hir Liewenssituatioun laangfristeg ze verbesseren an aus der Obdachlosegkeet erauszekommen.

Fir d'ganzt Joer eng ëmfaassend Betreiung ze garantéieren, schafft de Familljeministère, zesumme mat den Associatiounen aus dem Obdachloseberäich, konstant drun fir d'Offer fir Leit op der Strooss auszebauen a Léisunge proposéieren, déi eng individuell Ënnerstëtzung erméiglechen, ugepasst un déi sozial, psychologesch a medezinesch Besoine vun de betraffene Leit.

Lëtzebuerg, den 08.11.2022

D' Ministesch fir Famill an Integratioun

(s.) Corinne Cahen